

ënner Zäitdrock sinn, well awer och op där anerer Säit, muss ech soen, ganz vill Frënn douewen aus dem Norde mat Ongedold op hire Projet de loi waarden.

Ech wëll just awer dorun erënneren, dass mat deem heite Projet, wou mir als Demokratesch Partei terribel begrëissen, mir awer och bedauern, dass en esou spéit komm ass an dass heimadder awer héchstens oder kaum een Drëttel vun der Musel sanéiert ass. Iwwert zwee Drëttel vun der Musel kennen nach keng Kläranlagen. Dat ass déi ganz ënnescht Musel. Mir an der Demokratescher Partei hoffen also, dass endlech och dee Projet géif sprochräif ginn, an dass dee kéint an der nächster Legislaturperiod esou schnell wéi méiglech duerch d'Chamber goen.

Dat gesot, wëllt selbstverständlech d'Demokratesch Partei hiren Accord zu dësem ganz flotte Projet ginn.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Carlo Wagner Merci. Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha et interruptions)

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass et elo esou wäit. Den Här Sunnen, den neie Miseler, kann net méi esou fëschchen, wéi en dat fréier gemaach huet am lëfsten, wéi en am meeschte Fësch gefaangen huet, an do wou en am meeschte Fësch gefaangen huet, nämlech am dréiwe Waasser.

(Brouhaha général)

Wann een nämlech Fësch fänke wëllt, da geet ee sech dohinner setzen, wou d'Waasser am dréifsten ass, an dat ass do, wou d'Égouten erakommen.

Här Sunnen, Dir wësst dat. Dat ass elo eriwwer a fënnef Joer, op d'mannst op der Uewermusel. Da musst Der lech technesch e bësse verbessern. Da fänkt Der vläicht uewen nach e Fësch.

Op jidde Fall ass elo...

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Da wësse mer, firwat dass Dir geplënnert sidd!

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Op jidde Fall gëtt elo d'Uewermusel sanéiert. Et bleift awer de Problem vun dem Rescht vun der Musel. Zwee Drëttel sinn nach net sanéiert heimadder.

Ech froen dann och den Här Minister, wéi et ass mat de Kläranlagen op der Ënnermusel, virun allem am Beräich vu Waasserbëlleg, Gréiwemaacher. Déi Kläranlag soll jo kommen an de Mäerterter Hafen um Territoire vun der Gréiwemaacher Gemeng op eng Plaz, wou een net esou glécklech ass doriwwer, nämlech an eng Zone économique.

Et muss een, fir d'Wourecht ze soen, awer och feststellen, dass beim Plange vun de Kläranlagen ëmmer d'Wéngerte Prioritéit hate virun der Sanéierung vun der Musel. Dat ass esou. Egal wéi d'Qualitéit vum Wéngertareal war an ass, eng Kläranlag konnt net dohinner gebaut ginn. Elo si mer frou, dass trotz deem Mangel u Plaz, dee besteet, gebaut soll ginn op der Ënnermusel. Eng Fro: Huele mer och déi däitsch Säit mat? Et ass eng gutt Saach, dass mer Accordé fonnt hu mat eisen Noperen.

(Brouhaha général)

Domadder gi mer ganz ville Schwierigkeiten op der Lëtzeburger Säit, och politesch Schwierigkeiten, aus de Féiss. Mir hunn dat fäerdeg bruecht fir d'éischt an de 70er Joren zu lechternach, fir en däitsch-lëtzebuergesche Syndikat ze maachen. Duerno ass et zu Rousport gemaach ginn. Duerno ass et zu Mompech gemaach ginn. Elo maache mer dat och op der Musel.

Vläicht komme mer derlaanscht, fir et op der Ënnermusel ze maachen.

(Interruption)

Mir hunn d'Karlsruher Accordé benotzt, fir op eng effikass Aart a Weis a séier kënne grenziwwerschreidend zesummeneschaffen.

Ech wollt dann nach eng Fro stellen am Zesummenhang mat dëser Kläranlag fir den Haff Réimech. Et ass evident, dass d'Spëtzenzäiten op der Musel an der Be-laaschtung vun der Kläranlag entstinn, wann déi héchste wirtschaftlech Aktivitéit op der Musel ass, an dat ass an deem Moment, wou d'Drauwe gelies ginn. Doraus ergi sech dann och Konsequenze fir d'Wënzerbetriber, déi a bestëmmten Zäite jo ganz vill Waasser notzen. Déi do Kläranlag weist jo vum Konzept hier, dass derfir gesuergt gëtt, dass eng Virklärung stattfënnt an deene berühmte Bassins de rétention. Ech ginn dovun aus, dass dat déiselwecht sinn, déi op Däitsch RÜB heeschen.

D'Fro ass: Wat fir eng Konsequenzen huet dat fir d'Wënzerbetriber? Dat ass jo am Virfeld och vill diskutéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass e Projet, op deem hu mer während Joren an, ech géif soen, während Jorzéngte gewaart. Dat ass eng gutt Saach. Dat ass den Ufank, dass ass wierklech den Ufank fir ee Schwaachpunkt am Lëtzeburger Ökosystem ze behiewen. Et ass schonn e bësse esou, mir hunn eis misse schummen, am Verhältnis souguer zu de Fransousen an och am Verhältnis zu den Däitschen.

Ech wënschen dem Här Sunnen dann och Chance, wann en elo probéiert, a méi prosperem Waasser e Fësch ze fänken. Ech hoffen, dass d'Musel dann iwwert déi ganz Lëtzeburger Streck och méi propper gëtt.

Här Goerens, wann de President et erlaabt.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Ech wollt froen, ob den Här Steinbrück sech och finanziell mat doru bedeelegt.

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Ech weess net. Ech weess net, ob et den Här Steinbrück ass, deen sech bedeelegt. Ech mengen, et ass deen net. Ech mengen net.

(Hilarité)

Ech mengen net. Ech mengen, et ass d'Land...

(Interruptions)

Ech mengen, et ass d'Saarland, wat mat dora klëmmt. D'Saarland, awer net den Här Steinbrück.

(Interruptions)

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Scheuer Merci. Als nächste Riedner ass den Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

» **Une voix.** - Ass dat e Sozialist?

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Jo, ech wollt mech awer och elo de Mëtteg hei kuerz halen. Ech kéint jo laang a wäit a breet iwwert déi Kläranlag hei diskutéieren. Ech wëll awer fir d'éischt dem Rapporteur villmools Merci soe fir deen exzellente Rapport, souwuel schrëftlech wéi mëndlech.

Ech wëll awer zwee, dräi Detailer nach weiderginn hei zu där Kläranlag. Et ass virdru gesot ginn, si géif eréischt a fënnef Joer a Betrib goen. D'Gemengen hunn effektiv hei schonn e bësse virgeschafft. Et ass net méi spéit wéi am Hierscht, wou dës Kläranlag schonn a Betrib geet. Duerfir war d'Urgence aus Gemengesiicht ganz grouss, well d'Gemengen eng ganz Rei finanziell Virleeschunge gemaach hunn. Net méi wéi siwe Milliounen huet d'Gemeng Réimech elo méttlerweil fir déi Kläranlag virfinanzéiert.

Duerfir sinn ech frou am Numm vun deenen dräi Gemenge Schengen, Wellesteen a Réimech, dass dëst Gesetz elo nach hei an dëser Legislaturperiod ka gestëmmt ginn.

Virdrun ass gesot ginn, ob den Här Steinbrück dann och sech géif bedeelegen. Dat ass net den Här Steinbrück, mä et ass den EVS, dat ass den Entsorgungsverein aus dem Saarland, an dee bedeelegt sech natierlech un der Kläranlag à raison vun hirer Part vu 40%. Dat sinn am ganze fënnf Milliounen.

Duerfir, ech maachen et kuerz, ech soen lech villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung vun der Kläranlag. An net méi spéit wéi d'nächst Joer kënne mer dann erëm drasprangen.

Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Kox Merci. Ech hat zwar elo nach hei als Riedner den Här Robert Mehlen agedroen, mä vu dass den Här Mehlen net do ass, géif ech direkt d'Wuert ginn un den Innenminister, den Här Jean-Marie Halsdorf.

(Brouhaha général)

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du**

Territoire. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nun, well d'Chamber esou schnell an dësem Fall geschafft huet, war et méiglech, dass de Fred Sunnen haut da konnt seng zweetlescht Ried hei als Rapporteur vun dësem Projet de loi halen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat ass och an deem Sënn remarquabel, well hien och derbäi war, wéi d'Grondsteeleung zu Pärel war. Hien huet do also am Fong geholl scho verstanen, dass hien also sollt dëse Projet zu Enn féieren. E Projet, deen u sech a mengen Aen iergendwéi - géif ech soen - e Meilesteen ass hei an der Ofwaasserpolitik hei zu Lëtzebuerg.

Iwwerhaupt géif ech mer erlaben, ze soen, der Ofwaasserpolitik hei zu Lëtzebuerg steet d'Zuel néng gutt, well 1999 huet d'Regierung decidéiert am Kader vum Budgetgesetz, fir de Gemengen 90% bäzeginn, wa se Kläranlage bauen, well mer wierklech e grouss Retard haten an deem Beräich am Kader vun der Europäescher Unioun.

An elo, zéng Joer méi spéit, nees eng kéier am Joer 2009, bréngt mer et fäerdeg, mengen ech, nach dëst Joer, dass d'Musel definitiv an de Kläranlagenzäitalter erakënn.

Et ass esou, dass dëse Projet jo vun 43,25 Milliounen d'Ënnermusel soll da klären. Vum Projet vun der Uewermusel, deen de Jos Scheuer ugeschwat huet, do kann ech him och matdeelen, dass mer do esou wäit sinn, dass dës Woch en Dëschdeg e Comité d'accompagnement war, dass de Projet elo all intern Instanzen duerchgaangen ass, dass e mat gréisster Wahrscheinlechkeet am nächste Regierungsrot muer an aacht Deeg, also de 15. Mee, wäert ugeholl ginn, an da kann en och an der Chamber déposéiert ginn.

Ech ginn dovun aus, dass en an der nächster Legislaturperiod, dat wär jo dann am Hierscht, scho ka gestëmmt ginn. Sou dass wierklech am Joer 2009 mer et fäerdeg bruecht hunn, wierklech op der Musel net nëmme no der Kanalisatioun dann och d'Kläranlagenzäitalter alauden ze loosse. Dat ass eng Geschicht, déi, ech fannen, ee soll ervirsträichen. An dat weist och, dass d'Iddi, fir am Joer 2004 eng Waasserwirtschaftsverwaltung an d'Liewen ze ruffen, Friichte bruecht huet.

Ech hunn och nokucke gelooss, wéi et mat den Investissementer gaangen ass am Ofwaasserberäich. Ech soen lech, dass an dëser Legislaturperiod, also vun 2004 bis 2009, am Ganzen 218,27 Milliounen Euro am Ofwaasserberäich iwwer e Fong bezuelt gi sinn. Dat ass en décke Batz Suen, an et wäerten der nach vill mussen investéiert ginn, wa mer eis wëllen en phase bréngt mat der Waasserrahmenrichtlinie, déi jo virgesäit fir 2050, ekologesch a chemesch propper Gewässer ze kréien.

Just fir ze vergläichen: An där Period virdrun, zwëschent 2004 an 1999, do goufen 117,27 Milliounen investéiert, an an der Period vun 1994 bis 1999 87,58 Milliounen. Wann ech dat also da kucken, da stellen ech fest, dass an deenen zéng Joer, ier mer d'Verwaltung haten, 204 Milliounen investéiert goufen. Säit mer d'Verwaltung hunn, goufen 218 Milliounen investéiert, wat kloer beweist, dass mer zu Lëtzebuerg amgaange sinn, am Waasserberäich, a besonnesch am Ofwaasserberäich, an eng modern Waasserpolitik mat enger biologescher Klärung, dass mer do wierklech - wéi géif ech soen? - am 21. Jorhonnert ukomm sinn.

Mir wäerten och an Zukunft musse weider investéieren. Déi Investissementer sinn och gutt an dëser Zäit, well och de Waasserberäich bréngt eppes am Fong geholl fir d'Relance économique an dëse schwierigen Zäiten, well meeschtens kënnen och Lëtzeburger lokal Betriber eng Hand mat upaken, wann investéiert gëtt am Ofwaasserberäich. Dat hunn ech an de leschten Deeg op e puer Plazen hei am Land erlieft, wou Kläranlagen ageweit si gi respektiv RÜBen ageweit gi sinn an esou weider. Dat heescht, am Ofwaasserberäich gëtt vill Geld vun de Gemengepappen an - mammen investéiert, wat ee soll ervirsträichen a wat och da sécherlech dozou féiere wäert, dass den Effet crise sech am Fong geholl da manner bemierkbar mécht.

Ech hu gesot, dass mer nach vill Sue mussen an den nächste Joren investéieren - iwwer 500 Milliounen Euro. Déi kënnen net eleng mat budgetäre Mëttele bruecht ginn. Do wäert och musse gekuckt ginn, am Fong geholl aner Modellen, auslännesch Modellen zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. Do stellen ech mer vir, dass an deenen nächste Joren och Gelder musse fléissen, an der Zesummenaarbecht, géif ech soen, mat der BEI, fir an dësem Beräich hei ze finanzéieren.

Dat gesot, géif ech mer wënschen, dass och an den nächste Jore weider massiv vun de Gemengen investéiert gëtt. D'Gemenge behale laut neiem Waassergesetz nach ëmmer de Lead, a besonnesch d'Gemeengesyndikater. Déi meescht vun hinnen, déi grouss - SIDEN zum Beispill, oder SIDERO -, déi gëtt et elo säit 15 Joer, an ech wëll dovou profitéieren, all deene Leit, déi am Waasserberäich eng Hand mat upaken, Merci ze soe fir den Asaz am Interessi vu proppere Gewässer hei zu Lëtzebuerg.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert dëse Projet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5953 ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, den nächste Punkt op eiem Ordre du jour ass de Projet de loi iwwert d'Fusioun vun de Gemenge Clief, Heischent a Munzen.

» **Plusieurs voix.** - Hengescht!

» **M. le Président.** - Clief, Hengescht a Munzen. Den honorabelen Här Marco Schank ass hei de Rapporteur an huet elo d'Wuert.

Neen, Heischent huele mer do net mat derbäi.

6. 5994 - Projet de loi portant fusion des communes de Clervaux, de Heinerscheid et de Munshausen

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

» **M. Marco Schank (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi, dee mer haut virleien hunn hei an der Chamber, ass dee vun der Fusioun vun dräi ländleche Gemengen aus dem héijen Norden, notamment Clief, Hengescht a Munzen. Déi Zesummeleung vun deenen dräi Gemenge geschitt och am Kontext vum Artikel 2 vun der Verfassung respektiv vum Artikel 2 vum Gemengesgesetz a féiert dann zur Schafung vun enger neier Gemeng, enger Gemeng, déi wäert den Numm Clief droen, an enger Gemeng, déi wäert iwwer 4.000 Awunner hunn. Op den Dag prezis haut hunn déi dräi Gemenge 4.229 Awunnerinnen an Awunner.

An dësem Sënn huet den Innenminister dee virleien Text och de 17. Februar 2009 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis den 21. Abrëll dëst Joer ginn, an en Dag méi spéit an eiser Kommissiouns-

sitzung vun den Affaires intérieures ass de Rapporteur bestëmmt ginn. An därselwechter Sëtzung hu mer och den Avis vum Statsrot analyséiert. De Rapport ass den 28. Abrëll 2009 ugeholl ginn.

Déi geplangte Fusioun ass, Dir Dammen an Dir Hären, net de Produit vun engem Zoufall, mä d'Resultat vu laanger Zesummenaarbecht vun deenen dräi Gemengen. Déi dräi Gemenge Clierf, Hengescht a Munzen hu schonn 1990 e Gemengesyndikat kreéiert, fir eng gemeinsam Schoul an e Sportszentrum ze bauen an duerno och ze bedreiwen. Déi positiv Erfahrunge während deene ville Joren hunn am Fong dozou gefouert, datt se schonn am Joer 2002 vis-à-vis vum Innenminister, deemools dem Här Wolter, fir eng méi enk Zesummenaarbecht sech staarkgemaach hunn, an déi gestärkte Kollaboratioun huet dann och schliesslech e puer Joer méi spéit dozou gefouert, datt déi dräi Schäfferéit 2006, de 4. Mee, dem Innenminister e Bréif gemaach hunn, an deem si hir Absicht däitlech gemaach hunn, fir ze fusionéieren.

Doropshi gouf zesumme mam Innenminister en Investitiounsprogramm op d'Bee gesat, deem an Kader vun der Fusioun soll ëmgesat ginn. Derniewent, wéi dat üblech ass, gouf och en Informationsdokument fir hir Biergerinnen a Bierger erstallt, wou dann och de Fusiounsprojet virgestallt gouf. Dësen ass de 25. September 2008 während enger öffentlecher Sitzung den Awunnerinnen an Awunner aus deenen dräi Gemengen am Detail presentéiert ginn, an dat och a Präsenz vum Innenminister, deem d'Ënnerstëtzung vun der Regierung an deem Fall deen Dag och zougesot huet.

Gemeïss dem Artikel 5 vun der Europäescher Charta iwwert déi lokal Autonomie aus dem Joer 1985 hunn déi dräi Gemengen dann och den 12. Oktober 2008 e Referendum organiséiert, an dee Referendum ass och zugonschte vun där Fusioun ausgangaen.

D'Gemengeréit vu Clierf, Hengescht a Munzen hunn duerno op Basis vun deem positive Referendum sech definitiv fir déi geplangte Fusioun ausgeschwat an Enn 2008 enger Konventioun zougestëmmt, fir d'Fusioun kënnen definitiv ëmzesetzen.

Déi Konventioun gouf schliesslech vun de concernéierte Regierungsmemberen de 16. Januar 2009 ënnerschriwwen. Domadder ass de Wee fräi ginn, fir d'Fusioun a Form vun engem Gesetzesprojet an d'Chamber ze bréngen, ee Projet, dee mer dann och haut debattéieren an ofstëmmen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, no deem Historique vläicht just kuerz e puer Inhalter zu där Fusioun virstellen. De Projet de loi preziséiert, wat déi wesentlech Detailer sinn, zum Beispill de Montant vum finanzielle Bäitrag vun dem Stat. E setzt d'Infrastrukturprojet fest, déi prioritär sollen ëmgesat ginn. E regelt d'Situatioun vun den Offices sociaux, bestëmmt d'Zesummesetzung vun de Schächten a Gemengeréit während enger Iwwergangsphas, an deem Fall vun zwou Amtszäite bis 2023, an enthält och Bestëmmungen iwwert d'Rechter vum Gemengepersonal vun deenen dräi Gemengen.

Wat d'Zesummesetzung vun de Gemengenorganer ugeet, gouf festgehalten, datt deen neie Schäfferot no de Gemengewahle vum 9. Oktober 2011 während zwou Amtszäiten ee Buergermeeschter an dräi Schäfte wäert zielen. D'Fusioun vun deenen dräi Gemenge wäert dann och duerno, no deene Wahlen, rechtsgülteg ginn, also dann, wann deen neie Gemengerot Enn 2011 zesummekënnt, den 1. Januar 2012.

D'Zuel vun de Schäfte wäert no der integraler Neiwei vum de Gemengeréit am Joer 2023 da vun dräi erëm op zwee erofgoen. Virdrun zielt de Gemengerot iwwregens 13 Verriederinnen a Verrieder, notamtment fënnef aus der fréierer Gemeng Clierf, véier aus der fréierer Gemeng Munzen a véier aus der fréierer Gemeng Hengescht. An no de Wahle vun 2023 gëtt dann och d'Zuel vun de Conseillere gemäss dem Gemengesetz ugepasst.

De Stat ënnerstëtzt dëse Mariage, wann ech dat emol esou däerf nennen, esou wäit dat och fir aner Fusiounen bis elo de Fall war, mat 2.500 Euro pro Awunner. Dës Zomm gëtt dann an Tranché verséiert, an zwar vum 1. Januar 2012 un iwwer eng Lafzäit vun zéng Joer. Do kënnen och Avancë bezuelt gi vun deem Moment un, wou dëse Projet de loi en vigueur trëtt.

Wéi ech schonn erwähnt hunn, enthält dee Projet de loi och eng Partie Infrastrukturaarbechten, déi prioritär realiséiert ginn. Ech ziele se kuerz op: de Bau vun enger Maison relais nieft dem Schoulzentrum zu Reiler, de Bau vun enger Hal fir déi technesch Gemengeservicer, d'Astand-

setzung vum Drénkwaasserréseau, d'Renovéiere vun de Kläranlage vun Ischpelt, Wäicherdang, Meecher, Rueder a Clierf, de Bau vun engem Indoor-Fräizäitzentrum an d'Aménagéiere vun enger regionaler Aktivitéitszon.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach eemol drop insistéieren, datt déi geplangte Fusioun tëschent deenen dräi Gemengen en exzellent Beispill ass fir eng fräiwëlleg Fusioun, well dës Fusioun vun de Gemengeréit initiéiert gouf an och de Gros vun der Bevëlkerung hanner sech huet, wéi de positive Referendum vum leschte Joer dat däitlech weist. Domat ass dës Fusioun och absolut an der Grondphilosophie vun der Spezialkommissioun, vum Rapport vun der Kommissioun fir d'territorial Reorganisatioun vu Lëtzebuerg, déi sech an hirem Rapport den 19. Juni 2008 staarkgemaach huet fir eng méi staark Zesummenaarbecht tëschent de Gemengen, dat Ganzt op fräiwëlleger Basis.

Et sief och op dëser Plaz drun erënnert, datt d'Spezialkommissioun an hirem Rapport, deen iwwregens ouni Géigestëmm deemools ugeholl gouf, gesot huet, datt d'Fusioun tëschent de Gemengen explizit vun der Regierung ënnerstëtzt an encadréiert gëtt, fir datt eist Land an der Zukunft Gemenge kritt, déi déi noutwendeg kritesch Mass och hunn, fir capabel ze sinn, hire Biergerinnen a Bierger déiselwecht Déngschtleeschungen ze offréieren an effikass administrativ, technesch, schoulesch, sozial Déngschtleeschungen unzebidden.

D'Zil vun där Réforme territoriale, loosst mech dee Saz nach soen, ass eigentlech, datt mer am 21. Jorhonnert no an no Gemenge kréien, déi kloer Missiounen a Kompetenzen hunn, méi revendicativ sinn, méi effizient kënnen schaffen, mat méi Subsidiaritéit, dat Ganzt begleet vun enger Reform vun de Gemeengefinanzen.

Fir méi Gemengen zu enger fräiwëlleger Fusioun ze encouragéieren, huet den Innenminister dann och tëschent Januar a Mäerz 2009, zesumme mam President vum Syvicol, en Tierchen duerch d'Land gemaach, an dës Démarche hat als Zil, zesumme mat de Gemengeverriederinnen an -verrieder och déi grouss Linne vun der territorialer Reorganisatioun ze diskutéieren an hinnen déi proposéiert Gemengeland-schaft virstellen. Zënterhier sinn et och schonn eng Partie Gespréicher ginn, wat ee regelméisseg och aus Articlele vu Rapporte vu Gemengerotssëtzunge kann erausliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fusioun vun de Gemenge Clierf, Hengescht a Munzen gëtt och vum Statsrot a sengem Avis vum 21. Abrëll 2009 positiv aviséiert. Den entspreichende Rapport gouf vun der Kommissioun vun den Affaires Intérieures an der Sëtzung vum 22. Abrëll ugeholl, an domat steet de Projet haut zur Debatte respektiv zur Zoustëmmung. Am Enn wollt ech nach am Numm vun der Kommissioun deenen dräi Gemenge fir hir Fusiounsinitiativ félicitéieren, a gläichzäiteg meng Kolleeginnen a Kolleege bieden, dësem Projet zoustestëmmen.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix** .- Très bien!

» **M. le Président** .- Merci, Här Rapporteur. Den honorabelen Här Etgen ass den éischten ageschriwwene Riedner. Pardon? Neen, neen, den Här Kaes. Den Här Kaes ass fir d'éischt ageschriwwen. Leider figuréiert Dir net op der Lëscht hei, mä d'CSV ass ëmmer als éischte Riedner.

(*Interruptions et hilarité*)

Discussion générale

» **M. Ali Kaes** (CSV).- Ech géif dat emol relativ roueg ugoen.

(*Interruption*)

» **M. le Président** .- Richtig, Här Kaes.

» **M. Ali Kaes** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer gläich am Ufank dem Kolleeg Marco Schank villmools Merci ze soe fir deen detailléierten an och interessante mëndlechen a schrëfteleche Rapport. Da wëll ech dat, wat hien zum Schluss gemaach huet, direkt och am Ufank maachen an deenen dräi Gemengen an alle Verrieder, déi mer jo ganz zäihreich um Balkon hunn, félicitéiere fir dee Courage, an déi do Richtung ze goen.

Ech mengen et ass ganz wichteg, datt alleguerten d'Gemengen, déi wierklech eng Zuel vun Awunner hunn, déi méi modeste ass, driwwer nodenken, fir an déi do Richtung ze goen an domadder a sech eng aner an eng besser Situatioun kréien, fir op d'Wënsch vun hire Bierger an op d'Aufgaben, déi se hunn, an Zukunft besser kënnen ze reagéieren.

Ech muss soen, ech war derbäi, wéi am Joer 2000 den deemolegen Innenminister Michel Wolter an den Norde komm ass, a besonnesch an d'Regioun vun der Our, fir de Gemengen ze soen, datt et un der Zäit wier, grad an där Regioun. Hie wollt déi Regioun e wéineg als Pilotprojet huelen, fir ze soen, datt ee misst ëmdenken, datt ee misst eng bestëmmte Reorganisatioun maachen an der Gemengeland-schaft, fir kënnen, wéi gesot, Gemengen ze schafen, déi dach awer en anere Stellewäert hätten, wéi dat Gemengen hunn, déi 200, 300 a 400 oder 800 Awunner hunn.

De Michel Wolter huet deemools eng Ausso gemaach, déi ech hei wëll widderhuelen. Hien huet gesot: „Hei, kuckt emol, Dir zesummen an der Regioun stellt awunnerméisseg manner duer wéi d'Stad Diddeleng. Wann Dir gärën hätt, datt Dir besser gerüst sidd, fir all deene Problemer, déi an Zukunft op Iech zoukommen, ze begéinen, a wann Dir gärë besser Gehéier fannt op all deene Plazen, déi dofir néideg sinn, da musst Dir Iech reorganiséieren an da musst Dir Iech aneschtens an der Regioun organiséieren.“

Deemools war relativ wéineg Resonanz, mä et waren effektiv zwou Gemengen, déi de Courage haten, an déi Richtung ze goen an déi direkt beim Michel Wolter - dat heescht, wou de Michel Wolter net op daf Ouere gestouss ass. Dat waren deemools d'Gemenge Furen a Baastenduërf, wat jo och no 2000...

(*Interruption*)

Jo, et waren déi nun eben, déi de Courage fir d'éischt haten, an déi Richtung ze goen.

» **M. Xavier Bettel** (DP).- Wéi ass et mat Bettel?

» **M. le Président** .- Ech géif Iech awer bieden, hei den Här Kaes seng Ausféierungen an aller Rou maachen ze loossen, Här Bettel!

» **M. Ali Kaes** (CSV).- Iwwregens, esou eng Uertschaft hu mer och an där Gemeng.

Et ass also esou, datt dat déi éischt Fusioun war no 2000, an eng nächst war geschwënn hannendrun, dat war déi vu Kautebaach a Wëlwerwolz, déi sech zur Gemeng Kiischpelt zesummedoen hunn. An domadder war a sech emol erëm e bësse Rou an deem Dossier.

Virun allem ass et esou gewiescht, an dat kann ech mech ganz gutt erënneren, datt och a Réuniounen vum Syvicol - an ech war do an enger derbäi, wou ganz negativ iwwert d'Fusioun geschwat ginn ass -, wou zum Beispill e Buergermeeschter vun enger Gemeng, déi gutt 200 Awunner huet, déi awer haut amgaangen ass, ganz konkret doriwwer ze diskutéieren, mat zwou aneren ze fusionéieren, gesot huet, hie mat senger Gréisst kënnt am beschte senge Bierger optimal Servicer leeschten.

Bon, den deemolege Minister Michel Wolter huet sech och net bëre gelooss an ass weidergefuert mat Diskussiounen an der Regioun, iwwert d'Regioun eraus, mä war zum Beispill och de 5. Mee an der Stauseegemeng zesumme mat Wanseler a Bauschelt, fir och mat deenen dräi Gemengen doriwwer ze schwätzen. Hien hat deemools och scho Gespréicher mat deenen dräi Gemengen, wéi gesot, wou mer haut iwwert d'Fusioun wäerten ofstëmmen. Deemools waren d'Diskussiounen méi schwiereg. Duerfir ass et ëmsou erfreetlecher, datt mer haut kënnen iwwert déi Fusioun ofstëmmen.

Mä et ass awer ganz kloer esou, datt deeselwechte Michel Wolter, deen deemools, wéi gesot, als Minister déi ganz Saach initiéiert huet, u sech d'Diskussioun iwwer Fusiounen wierklech op den Dësch bruecht huet, an et war a sech esou, datt hien a senger Funktioun als Parlamentarier an als President vun der Commission du réaménagement du territoire dann awer och eng entscheidend Roll gespillt huet, fir dann awer och haut weider un där ganzer Diskussioun vun der Reorganisatioun vun der Gemengeland-schaft mat ze diskutéieren.

Ech wëll...

» **M. Charles Goerens** (DP).- Et ass en nohaltege Minister, den Här Wolter.

» **M. Ali Kaes** (CSV).- Ech wëll duerfir soen, datt awer och deen heitege Minister, den Här Jean-Marie Halsdorf, dat ganzt Wierk weidergefuert huet, fir et emol esou ze soen. Hien hat zwar eppes versicht, wou ech mengen - an dat soen ech a mengem perséinlechen Numm -, datt et gutt ass, datt dat awer vum Dësch ass, dat ass déi sougenannte Communauté des communes.

Ech perséinlech sinn der Meenung, et soll ee keng hallef Saache maachen, et soll een Neel mat Käpp maachen. An Neel mat

Käpp ass fir mech, datt een eng Fusioun mécht an net nach Tëschenetappen aschalt, wéi dat an der Vergaangenheet am Kader och vun enger ganzer Rei vu Syndikater de Fall war, déi zustane komm sinn, well vläicht och de Courage net do war, fir a Richtung Fusiounen ze goen.

Ech mengen, de Rapporteur huet scho virdu gesot, datt en Tour duerch d'Land gemaach ginn ass, fir mat de Gemengen ze schwätzen, an den Här Minister huet ëmmer erëm gesot: „Mä Message ass op positiv Ouere gestouss.“ An datt dat de Fall ass, mengen ech, gesäit ee schonn eleng dorun, datt et mëttlerweil, nodeem datt déi negativ Diskussioun op eemol verstommt ass an eng positiv Diskussioun komm ass, esou ass, datt an allen Ecken iwwer Fusiounen geschwat gëtt.

Wéi gesot, hei ass déi drëtt, déi elo konkret gëtt. Et ginn Diskussiounen iwwer Housen, Konstem an Houschent gefouert. Et ginn Diskussiounen, wéi gesot, iwwer Heischent, Néngsen an Esch/Sauer gefouert, an ech kéint esou weiderfueren. Et ginn Diskussiounen zu Miedernach mat Iermsdref gefouert. Et waren elo déi lescht Deeg nach anerer, positiv Diskussiounen, déi an Zeitungen ze fanne waren. Dat beweist, datt eng bestëmmten Opbrochstëmmung do ass, fir wierklech an déi Richtung ze goen a fir wierklech, wéi gesot, do Neel mat Käpp ze maachen.

Wéi ech deemools hei zur Fusioun Tandel geschwat hunn, do hunn ech gesot: „Fir mech ass et kloer, wann een et net selwer fäerdeg bréngt, seng Schoulorganisatioun an alles dat, wat domadder zesummenhänkt, a senger eegener Gemeng ze organiséieren, a wann een dofir d'Zesummenaarbecht mat anere Gemenge brauch, dann ass een a mengen Ae ganz kloer ze kleng, fir als eegestänneg Gemeng ze fonctionéieren, an dann ass dat en Zeechen, datt ee muss iwwer eng aner Form nodenken.“

Ech wëll och ganz kloer soen, datt esou eng Fusioun engem einfach aner Méiglechkeete gëtt, säi ganzen administrativen an technischen Apparat aneschtens ze organiséieren, besser ze organiséieren, mat anere Qualifikatiounen, esou datt een op all déi zousätzlech Froen, déi op eng Gemeng haut zoukommen, an all déi zousätzlech Aufgaben, déi eng Gemeng huet, besser a méi effikass ka reagéieren.

Ech wëll och ganz kloer soen, datt am Kader vun där Fusioun, wou mer haut ofstëmmen, d'Uertschaft Clierf mat Hengescht a Munzen, datt Clierf jo en CDA ass - en CDA, deen awer, well Clierf eben an deem Dall läit, vläicht net déiselwecht Méiglechkeeten huet, fir sech ze erweideren -, et also immens wichteg an immens gutt ass, datt doduerch, datt ee sech als dräi Gemengen zesummendeet an ee sech déi Situatioun schaaft, datt d'Erweiterung an der Regioun, d'Erweiterung an der Gemeng ganz sécher méi einfach ass an och méi effikass ka geschéien.

A wann ee Clierf hëlt - Clierf, wou jo déci déiert ass, a wat immens gutt ass, datt an deen Eck e Lycée kënnt -, da kritt Clierf eng weider Importenz, eng weider zousätzlech Importenz, wou och wäerten zousätzlech Leit an deen Eck kommen. Domadder brauch een also méi Terrain. Dofir brauch een eng Rei zousätzlech Méiglechkeeten, wou d'Leit sech kënnen néierloossen, an dat ass vill méi einfach ze gestalten, wann een dat an där neier Gréisst vu Gemeng ka maachen, wéi wa jiddwer eenzel vun deenen dräi Gemengen dat géif maachen.

Da wëll ech och soen, datt niewent deenen 2.500 Euro a sech déi dräi Gemengen och nach eng Kéier zousätzlech subventionéiert ginn iwwert de Pacte Logement. De Moment ass et esou, datt déi eng oder déi aner vun hinnen et net fäerdeg bréngt, dee Kritär ze erfëlle vu mindestens 30 zousätzlechen Awunner pro Joer, wat jo dozou féiert, datt een dann an deem Joer a sech vum Pacte Logement net ka profitéieren.

Wann déi dräi Gemenge sech zesummedoen, dann ass dat keen Thema. Da wäerte se och iwwert dee Wee ganz sécher zesumme vill méi finanziell Moyenen ebe vum Stat iwwert de Pacte Logement kréien, wéi dat de Fall wär, wa se géifen als dräi getrennte Gemenge fonctionnéieren.

Et kéint een elo nach vill Punkten opzielen an deem ganze Beräich, mä ech mengen, dat géif ze wäit féieren.

Erlaabt mer awer eppes ze soen, wat fir mech eppes ass, wat mer an Zukunft awer missten eng Kéier op de Leescht huelen: Dat ass a sech d'Gréisst. Dat si jo alles Gemengen, oder grad hei Clierf mat Hengescht, mat Munzen als Fusiounsgemeng, ass eng Gemeng, déi hanneno an de Proporzsystem kënnt. Dat heescht also, datt dann no Parteie gewielt gëtt.

Et muss ee sech awer d'Fro stellen, ob dat eng Grëssenuerdnung ass, wou et gutt ass, wann dat direkt a Proporzwahlen iwwergeet, oder ob een net vläicht driwwer sollt nodenken, an enger éischter Phas, an enger Iwwerganksphas, dat am Majorzsystem ze loossen an zu engem spéideren Zäitpunkt eventuell an de Proporzsystem iwwerzegoen, oder datt ee carrément driwwer nodenkt, ob een net de Seuil eropsetzt an eventuell op e Seuil tëschent wéinstens 5.000 a 6.000 Habitantë geet, Bierger geet, ier ee wierklech an de Proporzsystem fält.

Well et ass net evident, wann ee jorzéngteleaang am Majorzsystem war, a wann dann all déi zousätzlech Erausforderungen op een zoukommen als Fusiounsgemeng, wann een dann och nach gläichzäiteg de Wahlsystem an deem Sënn ännert, da muss dat net onbedéngt positiv sinn. Duerfir ass et vläicht awer derwäert, fir iwwert dee Punkt nach eng Kéier nozedenken, wéi een dat an Zukunft vläicht anschters kéint handhaben.

Dat gesot, kommen ech zum Schluss.

» **Plusieurs voix**.- Aaaahh!

» **M. Ali Kaes** (CSV).- Ech wëll nach eng Kéier de Responsabele vun deenen dräi Gemenge mat un der Spëtzt hiren dräi Buergermeeschteren, dem Yves Arend, dem Émile Eicher an dem Raymond Thielen, félicitéiere fir hire Courage an hinnen „bonne chance“ fir d'Zukunft wënschen. Ech géif dann och den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Kaes. Et ass elo um honorabelen Här Fernand Etgen.

» **M. Fernand Etgen** (DP).- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, déi fräiwëlleg Fusioun vun de Gemenge Clierf, Hengescht a Munzen huet hiren Ursprong 1990 fonnt mat der Grënnung vum interkommunale Schoulsyndikat fir de Bau an d'Verwaltung vun der regionaler Primärschoul zu Reiler. Si ass also d'Resultat vun enger bal 20-jähriger enker Kooperatioun, ass och net vun haut op muer geschitt, eng laang Concertatioun, e geziilt Zesummeschaffen, eng notzbréngend Partnerschaft an deene verschiddenste Gebidder, esou zum Beispill och am interkommunale Syndikat SICLER, am Naturpark Our an esou weider, wou déi dräi Gemengen déiselwecht Interesse vertrueden hunn.

De Wee, deen zu dëser Fusioun gefouert huet, déi staark Akzeptanz an der Bevölkerung, weist eis, datt Fusiounen net däerfen opgezwonge ginn, mä datt se mussen an de Käpp vun de Leit wuessen. Léiwer eng fräiwëlleg Fusioun mat enger Wahléchéance méi spéit, wéi onzefridden, ondécidéiert Partner mat Zwang beieneebréngen.

Dës Fusioun weist eis awer och, datt et falsch ass, fir deene klenge Gemengen de Geldkrunn zouzedréinen a se esou ze forcéieren ze fusionéieren. An der DP hale mir et mam Bibelsproch: „Deine guten Taten sollen freiwillig und nicht erzwungen sein.“

(Interruptions diverses)

D'DP seet jo zu fräiwëllege Fusiounen a begréisst duerfir ausdrécklech dës Fusioun.

(Coups de cloche de la Présidence)

Wat hei gefält, ass, datt d'Gemengen ouni Zwang, ouni Drock, fräiwëlleg a voller Iwwerzeegung dës Fusioun op d'Schinne gesat hunn a selwer d'Richtung, den Tempo an d'Zil virginn hunn.

Mat de respektive Buergermeeschteren, Schaffen a Conseilleren, besonnesch awer

mat där respektabler Majoritéit vun der Populatioun vun deenen dräi Gemengen, déi am Referendum „Jo“ zu dëser Fusioun gesot hunn, freeën ech mech mat hinnen, datt si dëse Schratt gemaach hunn.

Ech wëll alle Bedeelegten ausdrécklech félicitéiere fir déi flott Manéier, wéi si dee laange Wee zesumme gaange sinn. Erlaabt mer besonnesch den engagierten Engagement vun alle Schoulsyndikatspresidenten a Syndikatsmemberen, awer och allen aneren interkommunale Syndikatsmembere besonnesch ervirzehiewen. Si konnten an all deene Joren, wou se gutt Aarbecht geleescht hunn, net vun engem Congé politique profitéieren.

Och déi respektiv Gemengemandatairen hu während zwee Jorzéngte vill Fräizäit a Kooperatiounsbestriewungen investéiert. Hir exzellent Pionéieraarbecht weist eis awer och, datt et een absolut politesch falsch Signal wär, déi kleng Gemenge bei der Upassung vum Congé politique regelrecht am Ree stoen ze loossen. Ongezielt bleiwe se, déi vill Stonnen, déi an de Fusiounsprozess investéiert goufen.

Et ass och net de Mérite vun e puer Einzelnen; et ass de Verdéngscht vu schrecklech villen Intervenanten. Och dat däerfe mer haut net vergiessen. Och dat soll eis eng Léier si fir all déi Fusiounen, déi mer nach virun eis hunn.

Mat enger gewëssener Satisfaktioun stelle mer fest, datt et nawell vill a richtig verstanene Bénévolat am Gemengeliewe gëtt. Mat därselwechter Satisfaktioun wëll ech ausdrécklech begrëissen, datt vill vun deenen Intervenanten drop gehalen hunn, dëser Debatt live bäizewunnen.

Här President, dës Fusioun ass awer nach keen Happyend. All Bedeelegt hunn Erwaardungen, Wësch an Uspréich, déi elo mussen erfüllt ginn. An hei wëll ech deenen dräi Schäfferéit ausdrécklech félicitéiere fir déi flott Broschür, déi seerausginn hunn. Dës Broschür ass gläichermoosse Bestandsopnahme, Informatioun, Fuerderungskatalog, Ausbléck, jo souguer Visioun an d'Zukunft. An heibäi leien d'Erwaardungen net nëmmen op de Gemengenattributiounen.

Den Investitiounsprogramm begräift och Projeten, déi staatlechersäits musse realiséiert ginn. Et sinn dëst Projeten, déi vu vitaler Bedeutung fir déi nei fusionéiert Gemeng sinn. Erlaabt mer de Clierfer Lycée, d'Ëmgehungsstrooss vun Hengescht an d'Verbindung tëschent der N7 an der N18 ze zitéieren.

Och staatlech Investitiounen an d'Tourismusbranche vun där fusionéierter Gemeng si fir déi nei fusionéiert Gemeng vu grousser Bedeutung, fir hir Roll als uspriecheden a variéierten Tourismuszentrum wouerzehuelen. Mat deene bestehenden Attraktiounen wéi d'Expo Family of Man, d'Schlass, d'Abtei, d'Muséeën zu Clierf, den Domaine Robbesscheier zu Munzen, de Cornelyshaff zu Hengescht a villen aneren Atouten, den Dräilännereck mat enger eenzegaarteger Natur, huet dësen Eck jo schonn esou munches ze bidden.

Här President, dës Fusioun soll Clierf awer virun allem a senger Roll als CDA, als Centre de développement et d'attraction stäerken. Ouni Fusioun hätt déi al Gemeng Clierf net dat néidegt Réckgrat gehat, déi Uspréich, déi un dee regionalen Zentrum gestallt ginn, ze erfüllen, an dat an deene verschiddenste Beräicher. An och hei ass et de Wonsch, datt déi Erwaardungen, déi un d'Regierung gestallt ginn, kënnen erfüllt ginn. Eng Fusioun ass net nëmmen d'Saach vum Innenminister, et ass d'Saach vun der ganzer Regierung.

Här President, dat Wichtigst am Stat sinn awer d'Gemengen. An dat Wichtigst an de Gemenge sinn d'Bierger. Bei enger Fusioun gëllt et virun allem dësen demokratesche Grondsaz ze verwierklechen. Eng staark Gemeng ass Garant fir e staarke Service public, fir gesteigert Liewensqualitéit, fir ekonomesche Wuesstem, fir Wuelstand. Wie Proximitéit zum Bierger a Subsidiaritéit eescht hëlt, muss d'Gemengewiese vun enne stäerken. De Service um Bierger ass ee Service de proximité a muss ee Service de proximité bleiwen. Et ass an dësem Sënn ze begrëissen, datt Antenne vun der Gemengeverwaltung an de fréiere Gemengenhaiser zu Hengescht an zu Munze bestoe bleiwen.

„Zesummeféieren, wat zesumme gehéiert“, war ee vu ville Leitspréich bei den Diskussiounen ëm eng Territorialreform. Ech menge fräi behapten ze kënnen, datt d'Gemenge Clierf, Hengescht a Munzen zesummegehéieren. Dës Fusioun ass zënter Laangem, oder besser gesot zënter 1978 déi éischt, déi eng Rei kleng Gemengen an eng méttelgrouss zesummeféiert. Mat bal

4.300 Awunner erfüllt déi nei fusionéiert Gemeng nämlech d'Objektiv, wat sech vun enger Territorialreform erwaart gëtt.

Ausdrécklech begrëisse wëll ech och, datt an enger Iwwergangszäit vun zwielef Joer de Majorzwahlsystem bäibehale gëtt, an esou de schläichenden Demokratiedefizit, dee mer leider musse feststellen, net zousätzlech gefördert gëtt. Mat deene proposéierten Investitiounen gëtt déi nei Gemeng Clierf hirem Rôle als modernen an effikasse Serviceprovider gerecht, fir déi vun de Biergerinnen a Bierger professionell gefrote Leeschtunge beschtens ze erfüllen.

Mir bleift just nach de Wonsch auszedrücken, datt dës Fusioun de Bierger eng echt Plus-value soll bréngen. Ech sinn dovunner iwwerzeegt, well dank dichtegem Gemengepersonal wäert déi nei Gemeng à même sinn, gutt organiséiert a biergerfrëndlech orientéiert Servicer unzebidden.

Ofschléissend, Här President, wëll ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Marco Schank, Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen an och säin engagéierte mëndleche Rapport an den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet bréngen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Une voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Etgen. Den honorabelen Här Klein huet d'Wuert elo.

» **M. Jean-Pierre Klein** (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur Marco Schank fir säi Rapport, dee beschtens placéiert war, fir de Rapport hei ze maachen, well hie jo elo raimlech gesinn no bei deenen Operatiounen do war.

Dëse Projet de loi gesäit d'Fusioun vir vun dräi Gemengen am ländleche Raum: Clierf, Hengescht a Munzen. Dräi Gemenge verschmëlzen zu enger Gemeng, déi sech wäert Clierf nennen; den Numm vun där aktueller gréisster Gemeng, wat d'Awunnerzuel ubelaangt.

Mat dësen Eckwäerter vun der Awunnerzuel a vun der Fläch wäert déi nei Gemeng, wéi gesot, den Numm Clierf kréien. An déi nei Gemeng Clierf wäert der Virstellung vun der Landesplanung entsprechen. Si erreecht d'Masse critique vun 3.000 Awunner, déi an d'Previsiounen vun der Réforme territoriale passt. D'Reorganisation territoriale, déi sech fir d'21. Jorhonnert staark Gemenge wënscht, besonnesch an dësen Zäiten.

D'Reorganisation territoriale gesäit vir, dass dem Bierger soll iwwerall am Land eng diversifizéiert a qualitativ héichwäerteg Offer vun öffentleche Servicer ugebuede ginn. Do dernieft sollt hie kënnen drop zielen, dass dës Servicer op eng méiglechst effikass an effizient Aart a Weis organiséiert sinn.

Déi Gemenge sollten och e staarkt Gewiicht duerstelle géigeniwwert dem Pouvoir central, fir de berechtigten Uspréich vun den Awunner gerecht ze ginn, also fir Gemengen ze schafen, déi hire Bierger eng optimal Liewensqualitéit amstand sinn ze bidden.

An de 70er Jore si véier Gemengefusiounen realiséiert ginn, dovunner dräi am Norden an eng am Oste vun eisem Land. Du war et laang roueg ëm d'Fusioun, an an de Joren 2004 an 2005 hu mer weider zwee Fusiounsgesetzer hei an der Chamber gestëmmt ënnert dem jëtzege Innenminister Jean-Marie Halsdorf, dee jo, säitdeem den Här Innenminister Wolter net méi do ass, do d'Relève geholl huet an dee sech fir déi Fusiounen elo agesat huet.

» **Une voix**.- Richtig, Här Klein.

(Interruption)

» **M. Jean-Pierre Klein** (LSAP).- Elo am Norden eng weider Gemengefusioun am ländleche Raum, déi konkret ass. An et sinn der nach an der Diskussioun.

Dës positiv Beispiller deiten drop hin, dass nach aner Gemengeresponsabel incitéiert ginn, fir iwwer hir Gemengegrenzen eraus ze denken, am Sënn vun enger weiderer Verbesserung vun der Liewensqualitéit vun hire Bierger ze handelen iwwert de Wee vun enger préalabeler Coopération renforcée. D'Fusioun, déi mer haut hei wäerte stëmmen, ass d'Resultat vun esou enger laanger Coopération renforcée tëschent deenen dräi Gemengen, an zwar ganz besonnesch am Schoulberäich. Eng Zesummenaarbecht, déi duerno awer ausgedehnt ginn ass. Eng verstänneg Astellung.

Et kommen d'Gemengewahlen 1999. D'Schäfferéit, déi aus deenen dräi Gemengen ervirgaange sinn, hunn aus der

enker Zesummenaarbecht d'Plus-value vun enger eventueller Fusioun erkannt. D'Gespréicher an déi Richtung si lassgaangen, Communautés de communes sinn an Erwägung gezu ginn, d'Coopération renforcée ass weidergaangen an och zréckbehale ginn an ass an Délibération concordante vun deenen dräi Gemenge festgehale ginn. Eng wichteg Viretapp um Wee vun enger konkreter Fusioun.

Parallell hu sech d'Gemengeréit vun deenen dräi Gemenge getraff an en vue vun enger Fusioun diskutéiert. E bestännegen Dialog a Kontakt war wichteg an hu finalement zu deementsprechende Gespréicher mat der Regierung a mam Innenminister gefouert. Et gouf ausgehandelt, wat fir Resultater dass d'Fusioun sollt bréngen um strukturellen, um infrastrukturelle Plang. An dat gouf an enger Preparatioun vu Konventioun festgehalten.

D'Gemengeresponsabel hunn de Fusiounsprojet „bottom up“ ausgeschafft. Si hunn et fäerdeg bruecht, fir der Bevölkerung d'Plus-value vun der Operatioun ze erklären a bäizebréngen. Dat huet sech am Resultat vum obligatoresche Referendum an deenen dräi Gemengen ermëgspigelt. Am Virfeld vun deem Referendum sinn erfollegräich Opklärungsversammlungen organiséiert ginn, wou Innenminister a Buergermeeschteren den interesséierte Bierger Ried an Äntwert stoungen.

No deem positive Referendum zu dëser Gemengefusioun hunn dunn déi dräi Gemengen definitiv fir d'Fusioun gestëmmt. An enger Konventioun, an der definitiver Konventioun sinn Iwwergangsbestëmmungen festgehale ginn, wat d'Gemengepersonal ubelaangt, dass d'Droit-acquisen garantiéiert waren; wat de Wahlsystem ubelaangt, fir an der nächster Zäit, an enger Iwwergangszäit. Dat ass e Problem gewiescht, dee mer ëmmer nees ermëbegéint hunn, wéi mer iwwer Land gaange sinn, wou d'Reorganisation territoriale beschwat ginn ass, dass do Retizenze ware fir de Passage vum Majorzsystem an de Proporzsystem. Dat ass elo hei an enger Iwwergangszäit geregelt ginn.

Den interkommunale Schoulsyndikat, deen am Fong jo den Ursprong vun dësem Resultat ass, deen den Ausléiser war, fir d'Fusiounsgespréicher an d'Wee ze leeden, fir d'Coopération renforcée auszedehnen, kann elo opgelleist ginn. Deen huet seng Missioun erfüllt, a seng Infrastrukture ginn an déi nei Gemeng integréiert. Deementspreechend gëtt och säi Personal vun der neier Gemeng iwwerholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz gëtt eng weider Gemengefusioun perfekt, eng fräiwëlleg Gemengefusioun, wéi se wëschenswäert a mustergültig vun ënnen erop gewuess ass, iwwer: Coopération renforcée, permanenten Dialog tëschent Schaffen a Gemengeréit, Informatiounen a Sensibilisatioun vun der Populatioun, Unerkennung vun der Plus-value an engem Referendum, Festhale vu konkrete Moosnamen an enger Konventioun tëschent der Regierung an de Gemengen.

Ech ginn dervun aus, dass vill Gemengen dësem Beispill wäerte folgen; besonnesch an der heiteger Zäit, wou Zesummenaarbecht a gemeinsam Servicer ubruecht sinn, besonnesch och am Intérêt vun de Gemengefinanzen.

Félicitatiounen un déi agebonne Gemengeverantwortlech aus deenen dräi Gemenge Munzen, Hengescht a Clierf fir hir verantwortlech Haltung, an och deenen, déi fréier un där Operatioun bedeelegt waren.

Domadder géif ech dann och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Klein. Den honorabelen Här Camille Gira huet elo d'Wuert.

» **M. Camille Gira** (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hätt ganz gären d'Geleeënheet vun dëser Fusioun mam Schopf geholl, wann ech et emol esou däerf soen, fir en allgemenge Bilan iwwert déi Territorialreform ze maachen, iwwert déi mer ganz vill an dësem Haus debattéiert an och geschafft hunn. Do wier nämlech och viles ze soen, net nëmme Positives, aus der Siicht vun der grénger Fraktioun. Mä wann ech bedenken, dass mer de Mëtteg nach sollen aacht verschidde Projet-de-loien hei diskutéieren an ofstëmmen, da fäerten ech, dass Der mech géift stengegen, wann ech elo hei Dräivéirelstonn zu deem Thema géif schwätzen.

Duerfir ganz kuerz e puer Bemierkungen. E puer Bemierkungen zur Fusioun selwer. Déi Gréng ënnerschreiwen dës Fusioun mat zwou Hänn. Firwat? Well et eng Fusioun ass,

déi Sënn mécht. E mëttelgrousst Mëttelzentrum mat zwou kleng Gemengen. Ech mengen, dat ass eng Plus-value fir jiddwereen. Do huet jiddwereen eppes dervun.

Ech kennen aner Fusionspläng op der Kaart vum Innenministère, déi kee Sënn maachen. Ech mengen, dass et kee Sënn mécht, wann een zwou gläichwäerteg Gemengen zum Beispill, déi relativ autonom kënnen funktionéieren, wëllt fusionéieren, just fir ze fusionéieren. Déi hei mécht Sënn; do huet jiddwereen eng Plus-value.

Mir ënnerschreiwen dës Fusioun, well se vun ënnen opgebaut ginn ass, an net an der Stad op engem Büro theoretesch fixéiert ginn ass. A mir ënnerstëtze se, well ëmmerhin 20 Joer exzellent Zesummenaarbecht dës Fusioun virausgaange sinn. Fir eis ass dat déi beschte Konditioun, dass dës Fusioun och nohalteg wäert sinn an och wäert funktionéieren.

Zu de Fusione selwer allgemeng ass jo gesot ginn eng Remarque vum Här Kaes, déi ech deelen. Et spiert ee jo hei, wann zwou Gemengen, dräi Gemengen higinn a wëllen zwielef Joer waarden, ier se bis an de Proporzsystem iwwerginn, dann huet dat seng Ursachen. An deene ganzen Diskussiounen iwwert d'Fusiounen héiert een deen dote Kritikpunkt ganz oft.

Wann ee sech och emol eng Kéier d'Méi mécht an et rechent een aus, besonnesch mat deem héijen Auslännerundeel, dee mer an eise Landgemengen an der Tëschenzäit och hunn, an et hält een nach déi ewech, déi keng 18 Joer hunn, an et géif een emol dervunner ausgoen, dass an esou enger Gemeng vun 3.000 missten oder sollten déi fënnef Parteien, déi hei vertrauede sinn, eng komplett Léscht vun 13 Kandidatinnen a Kandidaten zesummekréien - ech hat emol eng Kéier graff gerechent -, dann hätt ee 5% vun der Populatioun, déi Kandidat a Kandidatin sinn.

Dat erkläert ganz einfach de Problem. An duerfir wéilt ech den Innenminister bei dëser Geleeënheet froen: An der Versammlung zu Réiden hat e sech bereet erkläert, iwwert deen do Punkt nozedenken, och mat senge Regierungskollegen ze schwätzen, ob een dann net sollt allgemeng de Seuil fir de Proporz op 5.000 hiewen, quitte, dass ee selbstverständlech deene Gemengen, déi elo do dertëschent sinn, soll transitoire Bestëmmunge loossen; wéi ass et domadder? Vlächcht géif esou eng Erhéijung och eenzel Fusionsgespréicher dobausse méi einfach maachen.

Da wéilt ech awer dervir warnen, fir ze vill flächeméisseg grouss Gemengen ze maachen. Ech mengen, et mécht kee Sënn, riseg Gemengen ze maache mat weínege Populatioun. Do riskéiert een déi Effikasitéit, déi ee gewëntt vlächcht op administrativem Plang, ze verléieren um technesche Plang. Wa Gemengenaarbechter stonnelaang um Trakter verbréngen, fir all déi eenzel Uertschaften ze bréngen, dann huet ee schlussendlech och näscht Positives geschafft.

Dann awer allgemeng zur Territorialreform. Ech hunn e bëssen dat Gefill, wéi wa geschwënn d'Meenung opkënn, wa mer bis 2017 nëmme méi Gemenge vun 3.000 Awunner hätten, da wär de Problem zu Lëtzebuerg geléist.

Éischtens ass dat net wouer fir déi Gemenge selwer. Och eng Gemeng vun 3.000 oder 4.000 Leit huet hir Problemer net all geléist. Déi huet nach ëmmer keng Schwämm, déi huet net onbedéngt en Architekt, déi huet och vlächcht net onbedéngt eng Museksschoul. Dat gesi mer an der Nordstad, wéi vill Problemer si domat hunn.

Duerfir sinn éischtens nach ganz vill Iwwerleeungen ze féieren, an dat vermëssen ech ganz staark, muss ech soen, an deene ganzen Diskussiounen. Et schwätzt praktesch kee méi vum regionalen Niveau. Dat bedauern ech.

A wat hu mer geschafft, wa mer dee lokalen Niveau punktuell gestärkt hunn, wa mer awer eventuell eng Schwächung vum regionale Plang kréien? Mir sinn der Meenung, dass och am ländleche Raum eng ganz Rei Problemer mussen an nëmme kënnen um regionale Plang geléist ginn. Duerfir mussen mer ganz seriö doriwwer nodenken.

Mä ech sinn der Meenung als Gréng, wa mer net endlech de regionale Fong kréien, grad an dëse schwieregen Zäiten, wou souwuel déi staatlech Budgete wéi déi kommunal méi kleng ginn, mussen mer eis öffentlech Gelder nach méi effikass aasetzen, an do kann een net mat der Strenz iwwert d'Land fueren a lénks a riets all méiglech Infrastrukture gläichméisseg ënnerstëtzen. Da misst eist Geld prioritär deene Projeten zeguttkommen, déi och wierklech eng regional Bedeitung hunn.

An da mengen ech awer, dass fir de Rescht et ganz roueg ginn ass iwwert d'Koope-ratioun an deene méi städtesche Beräicher. Mir als Gréng sinn iwwerzeegt, déi grouss Problemer, déi mer zu Lëtzebuerg hunn - Wunnengsbau, Mobilitéit, Aarbechtsplazeverdeelung -, déi ginn net an deene ländleche Gemenge geléist. Och net an deene Gemengen, wann déi iwwer 3.000 Leit hunn. Weder Biekerech nach déi nei Gemeng Clierf oder d'Gemeng Tandel wäerten d'Mobilitéitsproblemer oder d'Wunnengsbauproblemer zu Lëtzebuerg léisen. Neen, déi Problemer mussen an a ronderëm d'Stad geléist ginn, déi mussen ronderëm de städtesche Raum am Süde geléist ginn an déi mussen an der Nordstad geléist ginn.

An do hunn ech awer dat Gefill, dass ausser Studien net alles geschitt ass an deene leschte Joren - mat der Ausnahm vlächcht vu Belval, dat ass richtig. Wann ech déi lescht Statistike vum IVL gesinn a feststellen, dass am Norden zum Beispill, awer exakt déi dräi Gemengen, déi eigentlech missten am meeschte wuessen - Ettelbréck, Dikrech a Wolz -, genau déi sinn, déi ënnerduerschneëttlech wuessen - déi leien emol net an der Moyenne, méi déi wuesse knapp nach -, da froen ech lech, Dir Dammen an Dir Häre vun der Majoritéit: Wéi kréie mer dee Problem an de Grëff?

Dat ass net d'Léisung, wann déi ländlech Gemengen nach ëmmer weiderhi méi grouss wuessen. Duerfir mengen ech, dass mer mussen oppassen, dass mer net mengen, esou positiv och déi Bewegung, déi elo amgang ass, ass, wann een d'Zeitung och liest, vun deene Fusione lénks a riets, mir fannen déi, déi vum selwen entstinn, ganz sënnavoll, mä et muss ee sech net der Illusioun higinn, dass een domat d'Mobilitéit, de Wunnengsbau an aner Problemer vu Lëtzebuerg geléist huet. Dozou bedarf et engem ganz staarken Effort, engem ganz staarke landesplanreschen Effort an dem städtesche Raum.

An do wäerten och déi nei Plans sectoriels, wann déi net nach méi staark Instrumenter zur Verfügung setzen, fir déi grouss Problemer ze léisen, da fäerte mir, dass mer do éischter an där aler Tendenz weiderfueren, dass do manner Leit wunnen, méi Aarbechtsplaze geschaf ginn, méi Verkéier produzéiert gëtt. Do ass fir déi nächst Regierung ganz vill Aarbecht.

Duerfir, ofschléissend, wäerte mer eisen Accord zu dëser Fusioun bréngen, well se absolut sënnavoll ass, well se eiser Meenung no zukunftschrächteg ass, mä fir de Rescht stinn nach ganz vill Problemer fir déi nächst Regierung op.

Ech soen lech Merci.

»»» **M. le Président.**- Merci, Här Gira. Zum Ofschloss vun der Debatt kritt de Jean-Pierre Koepp d'Wuert.

»»» **M. Jean-Pierre Koepp** (*ADR*).- Här President, Kolleeginnen a Kollegen, et ass hei zu dësem Projet jo alles esou wäit gesot. Ech soen dem Marco Schank nach Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. An da félicitéieren ech awer och deenen dräi Gemenge vun douewen aus dem Éislek, oder vun eis aus dem Éislek, vu Munzen, Hengescht a Clierf, fir datt se de Courage haten, sech zesummenzeschléissen. Also, all Respekt!

Als eenzegen Deputéierten an niewent der Ministerin aus dem Clierfer Kanton - dat mécht mer eng grouss Eier - géif ech nach wëllen, datt nach verschidde Gemengen aus menger Noperschaft deeselwechte Courage hätten, fir sech zesummenzeschléissen.

Domat ginn ech och den Accord vun eiser ADR zu dësem Projet.

»»» **Plusieurs voix.**- Très bien!

»»» **M. le Président.**- Merci, Här Koepp. Dann huet zum Ofschloss vun der Debatt d'Regierung d'Wuert. Den Här Innenminister Jean-Marie Halsdorf.

(*Interruption*)

Ech denken, Här Goerens, dass dat lech net entgaange war.

(*Interruptions et hilarité*)

»»» **M. Jean-Marie Halsdorf**, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech erënnere mech nach gutt un d'Biergerversammlung zu Clierf virum Referendum, wou d'Biergerinnen an d'Bierger vu Munzen, Clierf an Hengescht wierklech - wéi géif ech soen? - gespaant dosouzen a nogelauschtert hunn, wéi d'Gemengepolitiker an och de Minister hinnen Erklärunge ginn hunn zu dëser Fusioun.

Mir haten eng kontrovers Diskussioun, an et huet ee wierklech gespuert, dass d'Leit am

Fong geholl Interessen hate fir dat, wat an hirer Gemeng geschitt. Si wollten - dovunner sinn ech och iwwerzeegt - informéiert ginn, an ech sinn iwwerzeegt, wann een d'Leit gutt informéiert, da stinn d'Leit zu enger Fusioun oder zu enger, op d'mannst an enger éischter Etapp, Coopération renforcée.

Et geet dorëm, fir de Mehrwäert duerzestellen, an dat ass an dësem Fall gutt geschitt, well et Sënn gemaach huet, well déi Politiker, déi Buergermeeschtere vun deenen dräi Gemenge mat hirem Schaffen a Gemengerot wierklech gutt Aarbecht gelescht hunn. Duerfir war et evident, dass dës Fusioun konnt stattfannen. Déi éischt Fusioun, déi deem Konzept entsprécht, wat an de leschte puer Joer diskutéiert ginn ass.

Et ass och keen Zoufall, soen ech ëmmer, dass am Fong geholl bei Ëmfroen eng grouss Majoritéit vun eise Bierger d'accord sinn, fir staark Gemengen ze kréien duerch Fusiounen. Ech mengen, dass dat eppes ass, wat d'Politiker sech sollte mierken: D'Leit hätte gäre staark Gemengen.

A staark Gemengen heescht am Fong geholl net nëmme staark am Sënn, dass se déi Aufgabestellungen, déi se hunn, kënnen léisen, mä staark heescht och, an dat wëll ech dem Här Gira soen, dass ee kann den Erausforderunge vun der Landesplanung, déi wierklech komplex sinn, déi integrativ sinn, dass een déi ka mathalen an dass een déi ka mat da begleeden.

Et muss ee wëssen, hei zu Lëtzebuerg hu mer just de Stat an d'Gemengen. Dat, wat de Stat net mécht, dat mussen d'Gemenge maachen. Dat ass eenzegaarteg, well all eis Nopeschlänner hu méi Niveauen, wou Décisioune geholl ginn, wou Responsabilitéite verdeelt sinn.

Duerfir ass et och wichtig, dass ee weess, dass d'Gemeng hei zu Lëtzebuerg en anere Stellewäert huet wéi an eisen Nopeschlänner.

Kloer ass, dass all Bierger d'Recht huet op déiselwecht Basisservicer, egal wou een am Land wunnt. Dat huet eise Statsminister da jo och beim viregten État de la nation heibanne gesot, an dat war och dat, wat eis dozou geféiert huet, am Fong geholl, dee Wee ze goen, dee mer an deene leschte Jore gaange sinn an deen zu där Fusioun, déi dann och hei mat deem Projet de loi besigelt gëtt haut, geféiert huet.

Ech ka mer erlaben, ze soen: Clierf, Munzen an Hengescht sinn am Fong geholl hirer Zäit viraus. Wéi ech Innenminister gi sinn 2004, hat ech am Regierungsprogramm stoen, mir sollten eist Land am Fong geholl, eis Gemengen, esou gestalten, dass se den Erausforderunge vum 21. Jorhonnert kéinte standhalen. Duerfir hat ech jo dee Concept intégratif fir eng territorial an administrativ Reform am Joer 2005 virgestallt, an ech muss soen, dass zesumme mat der Spezialkommissioun aus der Chamber mer do gutt Aarbecht gelescht hunn iwwer e puer Joer, an dass et duerfir méiglech war, eben déi Sortie ze kréien, déi mer elo haten, eng gemeinsam Démarche, de Minister zesumme mam Syvicol, duerch d'Land bei d'Gemengen, fir ebe se ze iwwerzeegen, fir sech ze reorganiséieren duerch eng Coopération renforcée, déi soll an eng Fusioun féieren.

An déi Kartographie an de Schema, dee mer do presentéiert hunn deenen eenzelne Gemengen, mengen ech, huet bei ville Politiker Uklang fonnt. Och d'Konzept, wat mer benotzt hunn, wat scho mäi Virgänger benotzt hat a wat ech weider benotzt hunn, mengen ech, dat huet seng Friichte gedroen.

D'Gemengen Tandel a Keespelt, dat ware keng komplett Fusiounen, well do ëmmer een ofgesprongen ass. Bei Baastenduerf wollten déi Veianer net matmaachen, a bei Keespelt déi Eschduerfer net. Hei hu mer am Fong geholl eng Fusioun kritt vu méi wéi 3.000 Leit am ländleche Raum, déi dann och ideal ass, fir eben an den nächste Jore gutt ze fonctionnéieren.

Eist Konzept huet gutt fonctionnéiert oder fonctionnéiert gutt, well et am Fong geholl en „tailor-made“-Konzept ass. Mir schaffen op d'Mooss. Et ass e bësse wéi e Kostüm, deen een undeet. Wann ee méi grouss gëtt, wann ee méi déck gëtt, kann een de Kostüm e bësse méi grouss schneideren. Et ass dat, wat wichtig ass. A si si fräiwëlleg.

Ech mengen, dat ass dee groussen Ënnerscheid zu deem, wat an de 70er Jore geschitt ass, wat de Jean-Pierre Klein ugeschwat huet als President vum Syvicol, wou de Minister Wohlfart och wollt eng global Strategie hu fir d'ganzt Land, déi leider awer du gescheitert ass, well se ze global war. An doraus hu mer geléiert.

Duerfir: D'Zil kann nëmme sinn, och an där nächster, ënnert der nächster Regierung,

méi grouss a méi staark a méi autonom Gemengen ze kréien, eben op Basis vun deenen 3.000 Awunner, fir dass se sech ebe kënnen an dem administrative Beräich, am Finanzberäich an am techneschen Déngscht besser organiséieren.

Duerfir de Prinzip vun deenen 2.500 Leit, an duerfir dann och déi - wéi géif ech soen? - Konventioun an och dat Gesetz, dat dann haut an hei gestëmmt gëtt.

All déi Joren hunn ech ëmmer versicht, sachlech virzegoen, net polemesch virzegoen, an ech fannen esou Aussoe wéi déi vum Här Etgen, de kleng Gemengen de Geldkrunn zouzedréinen, e bësse bëleg.

Ech fannen, et sollt een hei wierklech de Bierger an de Mëttelpunkt stellen, d'Aarbecht, déi d'Gemeng fir de Bierger ze maachen huet, an de Mëttelpunkt stellen. Dat ass dat, wat fir mech ganz wichtig ass, an net polemesch virgoen.

Duerfir wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren, Här President, fir emol fir d'éischt dem Rapporteur Merci ze soe fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport, awer och Merci ze soen deene Politiker aus deene concernéierte Gemengen. Si sinn iwwer hire Schiet gesprongen, d'Kierch-tuermpolitik hu se lénks leie gelooss, géif ech bal soen, a si hunn hire Bierger an hire Biergerinnen e virbildlecht Behuele gewisen. Duerfir si mir haut dann hei, fir déi Fusioun do ze besigelen iwwer e Gesetzesprojet.

Et ass keen Zoufall, dass grad am ländleche Raum an am Norde vum Land esou virbildlech gehandelt gëtt, well déi Gespréicher, déi ugeklonge sinn haut schonn, an d'Diskussioune fanne justement am Norde vum Land statt. Do si ganz vill Gemengen, déi agesinn hunn, dass se mussen un engem Strang zéien, dass se am Fong geholl mussen versichen, sech ze positionéiere fir d'Zukunft am 21. Jorhonnert.

Ech soen et kloer an däitlech: Fir mech ass d'Fusioun den Instrument de choix. D'Coopération renforcée ass de Minimum, deen ee muss maachen. Ech kann net verstoen, ech soen dat ganz kloer, ech bedauern et souguer, dass verschidde Gemengepolitiker net iwwert de Rand vun hirer Gemeng kënnen kucken nom Motto: „Wat haut geet, dat geet och muer.“ Dat fannen ech keng gutt Approche.

Ech si gespaant, wann ech elo an den nächste Woche wäert de Rapport kënnen maachen, den allgemenge Bilan vun deem, wat elo an deenen eenzelne Gemengen, déi ugeschriwwen goufen am Kader vun der Tournée vun der Kartographie, fir do ze kucken, wéi dann déi eenzel Gemenge sech décidéiert hunn.

Eppes ass fir mech kloer: Mir sinn esou wäit, wéi mer nach ni waren, well mer hunn am Fong geholl eng Stëmmung hei am Land, déi eng Opbrochstëmmung ass, fir an eng Richtung ze goe vu staarke Gemengen. Mä ech si gespaant, fir am Detail ze kucken, wat dann elo soll an där nächster Legislaturperiod geschéien.

Ech op d'mannst hunn et fäerdeg bruecht, esou wäit ze kommen, dass déi nächst Regierung kann Décisiounen huelen, muss Décisiounen huelen, wou fir mech Froe wéi de Proporzsystem, fir déi elo schonn opzeWERfen, oder iwwert de Congé politique, deen iwwerzebewäerten, d'Kontroll vun de Gemegefinanzen, dat wäert alles diskutéiert ginn, mä dat muss in globo diskutéiert ginn, wa mer kloer wëssen, wou et higeet.

Wou et higeet, dat weess kee genau heibannen. Ech weess, dass eng Kris plötzlech agetrueden ass, mat där mer haut alleguerten ze kämpfen hunn. Ech géif jiddweree bieten, d'Aen opzemaachen, och a senger Gemeng, an ze kucken, wat méiglech ass a wat net méiglech ass, wéi eng Moyenen een huet a wéi eng Moyenen een net huet.

Duerfir géif ech et nëmmen normal fannen, wa géif op d'mannst all concernéiert Gemeng eng Stäerkten- a Schwächtenanalys maachen, fir ze kucken: Wat ass d'Stärkt, wa mer eng Kéier zesummeschaffen? Wat sinn d'Schwächen? Dass se op d'mannst weess, wann et eng Kéier méi enk gëtt - an dann ass et net, well d'Regierung de Krunn zougedréint huet, mä well einfach d'Con- stancen déi sinn -, dass een da prett

ass. Well ech weess, wéi et dann nees geet. Da gëtt nees gejaut: „D'Regierung gëtt eis keng Suen.“ - An hei an do.

Ech wëll kloer an däitlech haut an hei soen: D'Gemenge sollten hir Responsabilitéit huelen a sech positionéieren, fir dee Wee ze goen, deen d'Regierung hinne virgewisen huet, op engem, géif ech soen, fräiwëllegen Niveau, an net, wéi ëmmer an de Raum gestallt gëtt, mat Pressiounsmëttelen.

Fir mech ass et kloer: Dës Fusioun, wou haut d'Gesetz gestëmmt gëtt, ass op d'mannst e wichtege Schrëtt an déi richteg Richtung.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet vun der Fusioun.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5994 ass ugehall mat 57 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

(Applaudissements)

Voilà, bei aller Zefriddenheet iwwert de Vote, dee jo augenscheinlech ass, musse mer elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen. Dat ass de Projet 5947 iwwert de Centre de rétention. Den honorabelen Här Angel ass de Rapporteur. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Stein-Mergen, den Här Bëtzel, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Marc Angel.



7. 5947 - Projet de loi portant création et organisation du Centre de rétention et modifiant

1. le Code de la sécurité sociale,

2. la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

3. la loi du 29 août 2008 sur la libre circulation des personnes et l'immigration

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» **M. Marc Angel** (LSAP), *rapporteur.* - Här President, Här Minister, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, e Centre de rétention fir Mënschen, déi sech illegal hei am Land ophalen, war e Punkt, dee sech am Joer 2004 d'CSV an d'LSAP an hire Koalitiounsaccord ageschriwwen hunn. Et war nämlech wichtig, endlech eng separat Struktur zum Prisong ze schafen.

Bis elo ginn déi Leit, déi a Rétentioun sinn, zu Schraasseg am Prisong am Bloc P2 ënnerbruecht.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Mat dëser Décisioun gëtt de Kritike Rechnung gedroen, dass d'Retenuen am Prisong sinn. D'Gesetz vum 24. August 2007 gëtt dem Bau vun esou engem Centre de rétention déi legal Basis. D'Aarbechte vum Bau sinn och drop an drun, unzefänken.

Dës Regierung huet am Laf vun de leschte Joren zwee wichteg Gesetzter ervirbruecht, déi mir och hei gestëmmt hunn an och laang diskutéiert hunn. Dat éischt ass dat sougenanntent Asylgesetz vum 5. Mee 2006, an dat zweet ass d'Immigrationsgesetz vum 29. August 2008. Dës zwee Gesetzter sinn och d'legal Basis fir d'Rétentioun. Haut stëmme mer also e Gesetz iwwert d'Kreatioun an d'Organisatioun vum Centre de rétention.

Ech wollt perséinlech dem Minister Nicolas Schmit villmools Merci soen, dass hien d'Organisatioun vum Centre de rétention net nëmmen duerch e Règlement grand-ducal geregelt huet, mä dass hien eis e Projet de loi virgeluecht huet.

D'aussepolitesch Kommissioun, déi jo och fir d'Froe vun der Immigration zoustänneg ass, huet sech säit der Diskussioun iwwert d'Asylgesetz och scho mat der Fro vun engem Centre de rétention auserneeegesat.

Mat der Ënnerstëtzung vun eisem President, dem Ben Fayot, a vum Minister Schmit hu mir als Kommissioun am Joer 2006 och zwou Visiten an der Schwäiz gemaach, fir eis do zwee Centres de rétention unzucken.

Gutt un dëse Visité war, dass mir vu Vertrieder vum Immigrationministère, vu Leit vu Bâtiments publics, Architekten an och Vertrieder vun den ONGe begleet waren. Mir waren op Zürich an op Genève an hunn do zwee ganz verschidde Konzepter gesinn.

De Centre vun Zürich huet eis allgemeng net zougesot, well eis souwuel d'architektonescht Konzept wéi d'Organisatioun oder - besser gesot - d'Ausrichtung oder d'Philosophie net gefall hunn. Et war wéi en Héichsécherheetstrakt an engem Prisong, wat d'Architektur an d'Organisatioun ugeet.

Genève war vum Bau a vum Konzept total verschidden. Mir sinn zu Genève mat de Retenuen zesummekomm, well si sech do an hiren Unitéite fräi bewege kënnen. Et huet een hei eng gutt a roueg Ambiance virfonnt, grad de Contraire vun deem, wat mer zu Zürich gesinn hunn.

Eis Kommissioun ass och zweemol mat der Kommissioun vun den Travaux publics zesummekomm, a mir konnten do eis Impressiounen vun eisen Experienzen zu Genève deelen a beim Bauprojet matdiskutieren.

Ech muss soen, dass kee behaapte kann, de Projet vum Centre de rétention wär iwwert de Knéi gebrach. Neen, et ass e Projet, wou d'Chamber vun Ufank u mat abezu war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, laut Immigrationgesetz kann eng Person, déi sech illegal hei am Lang ophält, a Rétentioun kommen. An der Regel handelt et sech ëm Leit, déi ouni gültig Pabeieren oder ouni gültig Openthaltsgenehmegungen hei am Land sinn. Dës Leit ginn a Rétentioun placéiert, fir dann an Urgence Reesdokumente, déi en Éloignement erlaben, ze erstellen.

D'Immigrationsgesetz gesäit eng Durée de rétention vun engem Mount vir. Dës Durée kann dräimol vum Minister verlängert ginn. Dat sinn also am schlëmmste Fall véier Méint maximum.

Laut Asylgesetz kann en Demandeur de protection internationale a véier Fäll a Rétentioun gesat ginn. Éischstens de Fall, wou den Demandeur de protection internationale seng Asyldemande nëmme mat dem Zil gemaach huet, fir en Éloignement ze verhënneren, well hie sech hei illegal ophält. Zweetens, wann den Demandeur refuséiert, mat den Autoritéiten ze kooperéieren, wann et ëm d'Feststelle geet vu senger Identitéit

an och vu sengem Itinéraire de voyage. Drëttens, déi Fäll vun Demandeuren, déi ënner eng Procédure accélérée falen. A véiertens, wann de Placement an d'Rétentioun noutwendeg ginn, fir dass den Transfert vum Demandeur laut dem Dublin-2-Règlement net compromettéiert gëtt.

Et ass eng Tatsaach, dass déi Demandeurs d'asile, déi bis elo bei eis hei a Rétentioun waren, quasi nëmmen därer waren, déi ënnert dee sougenannten Dublin-Transfert gefall sinn.

Wat d'Durée de rétention ubelaangt, déi d'Asylgesetz virgesäit, sinn dat dräi Méint, déi à titre exceptionnel vum Minister all Kéier fir eng Durée maximale vun dräi Méint ka verlängert ginn. Et sinn also am Maximum zwielef Méint. Dat heite sinn d'Délaïen, déi vum Gesetz festgeluecht goufen. An der Praxis ass et awer d'Zil, fir d'Rétentioun esou kuerz wéi méiglech ze halen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, hei awer ervirzesträichen, dass mam Ausland an och mat der Direktiv Retour verglach eis Délaïe kuerz sinn, an dat ass och gutt esou. Mir leien hei menger Meenung no vill besser wéi aner europäesch Länner.

Zum Projet iwwert d'Kreatioun an d'Organisatioun vum Centre de rétention kann ee resüméieren a soen: „Un centre d'orientation humaniste“. Dëst ass och d'Iwwerschrëft vun engem Kapitel a mengem schrëftleche Rapport. Et ass wuel e Centre fermé, mä den Haaptfacteur vum humanistesche Konzept ass d'Haaptsaach, dass d'Retenuë keng Leit sinn, déi e Verbrieche begaangen hunn. Si si just illegal op eisem Territoire. Et ass duerfir enorm wichtig, d'Mënschewürd an och déi fundamental Rechter a Fräiheete vun de Retenuen ze respektéieren. Et ass wichtig, d'Restriktiounen vun den individuelle Fräiheeten op e strikte Minimum ze beschränken. An et ass och wichtig, d'Retenuen ze informéieren a si iwwer hir Rechter opzeklären.

Dëse Projet ënnersträicht och d'Wichtigkeet vun der psychosozialer Ënnerstëtzung vun de Retenuen, an derniewent och e gudd juristeschen a medezineschen Encadrement. Dëse Projet weist och nach op d'Wichtigkeet vun der Fräizäitméiglechkeeten hin, an och den Agencement vun der Raim no spezifische Besoinë fënnt an dësem Projet Nidderschlag.

Retenuë si Leit an enger schwéierer, schwiereger Liewenslag, duerf ass déi psychesch a sozial Ënnerstëtzung jo och den Haaptpillier vun dësem Projet. Bei dësem Projet gëtt eng individualiséiert Prise en charge vun enger pluridisziplinärer a multikultureller Équipe an der Vierdergrond gestallt. Ech si frou, dass d'Auteure vum Projet sech um Modell vu Genève an och un Experienzen aus der skandinavesche Länner orientéiert hunn.

De Projet de loi ass a siwe Kapiteln opgedeelt an en zielt 32 Artikelen. Dat éischt Kapitel mam Titel „Dispositions générales“ beinhalt zum groussen Deel dat, wat ech elo grad iwwert de Concept humaniste erkläert hunn.

Dat zweet Kapitel geet iwwert déi strukturell Organisatioun a seet, dass de Centre a verschidden Unitéite mat verschiddene Sécherheetsmoosnamen agedeelt ass. Persounen oder Familljen, déi vun engem Mineur begleet ginn, séjournéieren an enger extra dofir ausgeriichtener Unitéit an därferen och net wéi 72 Stonnen a Rétentioun gehale ginn.

Dat drëtt Kapitel handelt iwwert d'Organisation fonctionnelle, an do wollt ech iwwert den Artikel siwen aus deem Kapitel soen, dass mer dat als Kommissioun amendéiert hunn an e Punkt 2 bäigesat hunn iwwert déi sougenannten „Personnes vulnérables“. An ech zitieren dat, do steet dann: «Une attention particulière est accordée à la situation des personnes vulnérables, à savoir les mineurs, les mineurs non accompagnés, les personnes handicapées, les personnes âgées, les femmes enceintes, les parents isolés accompagnés d'enfants mineurs et les personnes qui ont été victimes de torture, de viol ou d'une autre forme grave de violence psychologique, psychique ou sexuelle.» Fin de citation. Mat dësem wichtege Amendement hu mer virun allem och der Haaptkritik vun der Mënscherechtskommissioun Rechnung gedroen.

Dat véiert Kapitel handelt iwwert de Cadre vum Personal. Ech hunn deen Aspekt scho kuerz ugeschwat a kommen herno kuerz drop zrëck, Här President, wann ech lech eng Motioun iwwerreechen.

Duerno ass d'Kapitel fënnf iwwert d'Dispositions budgétaires et financières, d'Kapitel sechs iwwert d'Dispositions modificatives

an d'Kapitel siwe ganz kuerz iwwert den intitulé abrégé. Dat kënnt Dir am schrëftleche Rapport noliesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn niewent dem Statsrot nach dräi aner Avisë kritt. Ech wëll all deene Leit Merci soen, déi un deem Projet matgeschafft hunn, Merci soe fir hiren Interessi an Asaz. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet Kritiken ausgeschwat, wat déi vill Kompetenzen ugeet, déi dëse Projet de loi dem Direkter vum Centre zougesteet. De Statsrot hat ähnlech Bedenken, an d'Kommissioun huet jo hei och munches amen-deiert.

Interessant war awer och, mengen ech, den Avis vum Collectif réfugiés, dem Lëtzebuerger Flüchtlingsrot. Si hunn iwwregens och vill positiv Aspekter vun dësem Projet ënnerstrach. Haaptkritik war awer vun hinnen, dass an dem Projet näischt iwwert d'Mineurs non accompagnés steet.

Mir hunn an der Kommissioun och dee Punkt e puermol ugeschwat, an déi Responsabel vum Ministère an och de Minister hunn eis gesot, dass et effektiv theoretesch d'Méiglechkeet gëtt, opgrond vun eise Gesetzter also besteet, mä dass si dat als reng theoretesch ugesinn. Den Här Fari Khabirpour, deen als Direkter virgesinn ass, a sän Adjoint, den Här Vincent Sybertz, an och de Minister Nicolas Schmit hunn eis verséichert, dass si keng Mineurs non accompagnés a Rétentioun setzen. Fir d'Mineurë gëtt et aner Mesures de placement, zum Beispill an engem Foyer fir Jonker.

Och d'Mënscherechtskommissioun begreisst an hirem Avis d'Orientatioun vum Projet de loi, mä och si inquietéiere sech ëm de Pouvoir vum Direkter. Hire Haaptkritikpunkt war d'Fro vun de sougenannten „Personnes vulnérables“, an ech hunn lech dat jo virdu schonn erkläert, dass mer dat mam Artikel 7 amendéiert hunn.

De Statsrot huet a sengem éischten Avis vum 31. Mäerz 2009 zwou Oppositions formelles ausgeschwat. Eng dovunner war zum Beispill, dass den Direkter därfer e Régime de détention spécifique fir verschidden Unitéite fixéieren. Domadder ware si net d'accord. Mir hunn deenen zwou Oppositions formelles mat eisen zéng Amendementer vun der Kommissioun selbstverständlech Rechnung gedroen.

Insgesamt huet d'Kommissioun, nieft den Amendementer, eng ganz Rei vun Textpropositiounen vum Statsrot iwwerholl. Den 10. Abrëll hu mir an engem Courier un de Statsrot all dës Ännerunge matgedeelt, a mir hunn him och nach e koordinéierten Text derbäigeluecht. Mir krute ganz schnell eng positiv Äntwert. De Statsrot huet säi positiven Avis complémentaire de 25. Abrëll 2009 ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn lech ufanks gesot, dass d'Bauarbechten drop an dru sinn unzefänken. D'Capacitéit, déi ursprüngelech fir 120 Leit virgesi war, ass op 87 Plaze reduzéiert ginn. Aus verschiddene klengere Lokaler si grouss Raim entstane fir d'Gemeinschaftsaktivitéiten an der Sport, déi jo an dësem Projet iwwert d'Organisatioun vum Centre eng grouss Roll spillen.

Erlaabt mer nach den Artikel 12 unzeschwätzen, dee seet, dass d'Retenuen net kënnen zu enger Obligation de travail forcéiert ginn. Si kënnen awer, an ech zitieren «dans les conditions à fixer par le directeur (...), effectuer des menus travaux d'entretien pour lesquels un montant à déterminer par règlement grand-ducal leur est mis en compte». Dëse Montant därfer awer och net fënnf Euro d'Stonn iwwerscreiden.

Zum Ofschloss, Här President, wëll ech lech dann och eng Motioun iwwerreechen, déi souwuel d'CSV, d'LSAP, d'DP, DÉI GRÉNG an d'ADR ënnerschriwwen hunn.

» **M. le Président.** - Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration a été largement impliquée dans les discussions sur la création, le fonctionnement et l'organisation d'un Centre de rétention pour étrangers en situation irrégulière;*

- *considérant que la loi du 24 août 2007 autorise la construction du Centre de rétention et que les travaux y relatifs débiteront sous peu;*

- *considérant que le projet de loi N°5947 portant création et organisation du Centre de rétention prévoit dans son article 27 l'engagement, par dépassement des limites fixées dans la loi du 19 décembre 2008*